



Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8050 vum 1. Juni 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.

D'Verhandlungen, déi den honorabelen Deputéierten a senge Froen uschwätzt, sinn amgaang a sollen bis Mee 2024 ofgeschloss sinn. Den Traité Pandémie gëtt am Moment verhandelt an et besteet nach keen Accord um Text. Dofir ass et fir de Moment net méiglech den Inhalt vun dem Text am Detail ze kommentéieren.

D'Memberstaten an d'EU-Kommission hunn regelméisseg Reunioune fir gemeinsam Positionen auszeschaffen, déi d'EU-Kommissioun am Numm vun de Memberstaten dem Negociationsteam vum Traité a vum Règlement sanitaire international (RSI) presentéiert – dëst baséiert op der "Council Decision (EU) 2022/451 authorising the opening of negotiations on behalf of the European Union for an international agreement on pandemic prevention, preparedness and response, as well as complementary amendments to the International Health Regulations (2005)". Memberstate kënnen och eenzel während den Negociatiounen intervenéieren.

Eng Équipe vum Gesondheetsministère suivéiert a partizipéiert un dësen Diskussiounen, a concertéiert sech am Virfeld mat anere concernéierte Ministèren.

D'Verhandlung lafen ënnert dem Prinzip "nothing is agreed until everything is agreed" – et sinn also am Moment nach keng Elementer aus dem Dokument wat de Verhandlungen als Basis déngt, beschloss.

Et ass virgesinn, dass den Traité Pandémie ënnert dem Artikel 19 vun der WHO-Constitutioun adoptéiert gëtt, an dem Fall muss en vun de nationale Parlamenter ratifizéiert ginn.

Déi zwee Verträge betreffen Prinzipie vun nationaler Souveränitéit vun de Staten. Et ass net virgesinn, dass d'Länner en Deel vun hirer nationaler Souveränitéit un d'WHO sollen delegéieren. D'WHO däerf sech net an d'Staatsugeleegenheden amëschen an däerf de Memberstate keng Moosname virschreiw. Am Fall vun enger gesondheetlecher Urgence, wéi zum Beispill enger Pandemie, kann d'WHO Recommendationen maachen – dës kënnen da vun de Staten approvéiert ginn no hiren jeeweiligen, demokrateschen Prozeduren.

Zousätzlech ass festzhalen, dass den RSI der WHO net erlaabt Mesuren ze huelen, déi individuell Persoune betreffen wéi z.B. en Isolement oder eng Quarantän. Dëst bléift en Recht vum Staat.

D'europäesch Positioun ass dass et keng Erweiterung vum Geltungsberäich vum Internationale Règlement iwwe Sanitär Froe brauch.

D'WHO kritt hire Finanzement aus zwou Haaptquellen: obligatoresch Contributiounen vun de Länner a fräiwëlleg Contributiounen vun de Memberstaten an anere Partner, dorënner de Privatsecteur. D'Participatioun vum Privatsecteur kann potentiell d'Fro vun der Transparenz an Interessekonflikter opwäerfen. Dofir gouf 2020 d'Fondatioun vun der WHO geschaf, fir Fongen aus dem Privatsecteur ze géréieren. Dës Stéftung ass och zoustänneg fir d'Kontroll vun der Konformitéit mat de Prinzipien vun "Due



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Diligence" an Ethik. Et ass wichteg, dass an Zäiten vu knappe Finanzementer d'Diversifikatioun vun den Donateurs fir eng international Agence, wéi d'WHO, stattfënnt, mee gläichzäiteg muss garantéiert sinn, dass privat Acteuren d'Prioritéite vun der öffentlecher Gesondheet net beaflosse kënnen. Dëst bleift am Kompetenzberäich vun de WHO Memberstaten.

Lëtzebuerg, den 4. Juli 2023

D'Gesondheitsministesch
(s.) Paulette Lenert